N°2671
Entrée le 31.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, vum Inneminister a vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit op d'parlamentaresch Fro n° 2671 vum 25. Juli 2025 vun dem honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

**1. Wéi oft mussen d'Telekomoperateuren zu Lëtzebuerg Resilienz-Tester maachen a goufen dës Tester virum POST-Ausfall richteg duerchgefouert?**

Am Kader vun der « Loi du 17 décembre 2021 sur les réseaux et les services de communications électroniques », sinn Telekomsoperateuren zu techneschen an organisationnelle Mesure verpflicht fir Sécherheetsrisiken ze geréieren. An deem Kontext mussen Telekomsoperateuren all Joer hier Mesuren un den ILR schécken, deen se evaluéiert an duerno e Rapport mat individuelle Recommandatiounen un d'Operateure schéckt. D'Operateuren organiséieren an Zesummenarbecht mam HCPN a GovCert och reegelméisseg Cyberexercicer. Doriwwer eraus gehéiere Resilienztester zu de Standard-Sécherheetsmoossnamen.

**2. Ginn et verbindlech Standarde fir d'Network-Redundanz bei kriteschen Telekomoperateuren, a wann net, plangt d'Regierung sou Standarden anzeféieren?**

Et ginn eng Rei Standarde fir Telekomsécherheet, notamment vun der ISO, ITU, CENELEC an NIST. Dës sinn awer net verbindlech. Et ginn à ce stade och keng Indicen, datt e verbindleche Standard dëse konkreten Ausfall hätt kënne verhënneren.

**3. Wéi stellt d'Regierung sécher, datt alternativ Kommunikatiounsweeër (wéi Satellittekommunikatioun) als Backup fir terrestresch Netzwierker wärend grousse Pannen zur Verfügung stinn?**

Déi national Sécherheets- a Rettungsdéngschter benotzen RENITA fir ze kommunizéieren. RENITA ass en dediéiert digitaalt Funknetz, dat exklusiv fir d'Sécherheets- a Rettungsdéngschter reservéiert ass. Bei der Konzeptioun vun dësem Netz gouf besonnesche Wäert op d'Disponibilitéit geluecht, déi bei iwwer 99,99 % läit. Dës Netz gëtt aktuell benotzt vun der Police, dem CGDIS, der Douane, dem SRE, dem HCPN, de Ponts-et-Chaussées, der Arméi, dem Kommunikatiounszenter vun der Regierung, der Penitentiairverwaltung an dem Schëfffaartsdéngscht.

**4. Wat sinn d'konkret Verbesserunge vun der Noutfallkommunikatiounsarchitektur, déi d'Regierung no dem POST-Ausfall ëmsetzt?**

Den HCPN coordonéiert de Moment d'Aarbechte fir déi néideg Léieren aus dem aktuellen Zwëschefall ze zéien. Dës Analyse ginn a enkster Zesummenaarbecht mat den impliziéierten Acteure gemaach. Vu dass dës Aarbechten nach am gaange sinn ass et am Moment nach net méiglech, éischt definitiv Conclusiounen ze zéien.

**5. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Néidegkeet fir eng national Telekommunikatiounsréserve oder en alternative Kommunikatiounswee fir d'Servicer vum Staat ze garantéieren?**

D’Netzwierker, d‘Informatiouns- a Kommunikatiounssystemer bannent der staatlecher Administratioun ware, bis op den Internet-Accès, net direkt vun dësem Zwëschefall betraff a waren zu all Moment operationell. Am Kader vun der Opaarbechtung vum dësem Zwëschefall gëtt och analyséiert, wéi d’Resilienz vun de staatleche Systemer nach weider ka verbessert ginn.

Lëtzebuerg, de 31. Juli 2025

Den Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN